# MOTION

De Gemengerot :

- stellt fest, dass d'Gemeng Esch dëst Joer ënnerhalb vun dräi Méint dräi mol e Freedefeier organiséiert huet (Nationalfeierdag, Francofolies, Nuit de la Culture) ;

- stellt fest, dass et laut Artikel 29 vum règlement général de police den Escher Bierger verbueden ass, ouni Erlabnis vum Buergermeeschter, Freedefeier ze zünden ;

- stellt och fest, dass d'Escher Gemeng dëst Verbuet mat folgender Begrënnung imposéiert huet: „aus Sécherheetsgrënn a fir den Déiereschutz engersäits an aus ekologeschen an hygienesche Grënn vum ëffentleche Raum"[1]

- ënnersträicht, dass des Begrënnung ganz pertinent ass an dass mir hannert dësem Verbuet stinn

Dofir invitéiere mir de Buergermeeschter an de Schäfferot:

*An Zukunft op de Gebrauch vu Freedefeier ze verzichten an no neien, flotten, a méi nohaltegen Alternativen ze sichen déi Rücksicht op Mensch an Déier huelen*

[1] https://citylife.esch.lu/2022/12/23/feux-dartifice-interdits-sur-lensemble-du-territoire-de-la-ville-desch-sur-alzette-2/